

ENG

IERWSCHAFT

AM

TEXAS



Löschtet Theatersteck vum Jeanne Steichen


an 3 Akten an engem Zweschepill

1961

matt 5 Persounen

I Ranger a eng Retsch Cow-boys

an en etlech Passagéier
am Flieder



Perso'nen :

1. Kathleen Karthusa, Dengschtmédchen bei der Madame Tullias an Ierwen vum Mister Kelvison am Texas.
 2. Cathérine Karthusa, Dem Kathleen seng Cousine.
 3. Madame Tullias, eng éler Dam.
 4. d'Georgette, der Madame Tullias hir Niece, si ass Stewardess.
 5. Miss Denterwell, Schreiwesch beim Notär am Texas.
- Cow-Boys an en etlech Passage'er am Flieger.
-

Decors : I. Eng Stuff

(Kathleen an d'Catherine setzen zesummen bei enger Tass Kaffi. Kathleen kann am Schirteg sin, d'Catherine am Mantel an Hutt, zimlech verescht an original.)

- Cathérine: Jo, ech hu geduecht, haut gest emol erem eng Ke'er bis bei d'Kathleen.. et ass schon so' lang dass ech dech net me' gesin hun.. bal zwé Joer..
- Kathleen: (ass net ganz vum Besuch enchante'ert) Mei Gott, schon zwé Joer.. d'Zeit get awer so' se'er em, ech mengen et wär ere'scht geschter gewiescht.
- Cathérine: (e besche verschnupft) Ere'scht geschter.. Dann hues de bestennt ké Fatz verlangert, soss wär d'Zeit der net so' kurz virkom..
- Kathleen: Wann én all Dag seng Arbecht huet, gét d'Zeit se'er em, (spasseg) A wie soll dann och no enger Kusinne verlangeren...?
- Cathérine: No enger Kusine verlangeren... Wann én engem awer so' vill Gudds gedo huet.. Du bass wirklech en ondankbart Steck.
- Kathleen: (lacht) A wo' kanns du vu Gudds schwätzen.. Du wes ganz gené dass deng Familjen net me' no mir a menge Schwestere- ren a Bridder gekuckt huet, we' meng Mamm a mei Papp gestuerw sin... Mir hun eise Wé ganz eleng misse machen. Du wés ganz gudd we' gedreckt ass mer waren an et huet ni én eis gehollef.
- Cathérine: (spöttesch) Och dei Petter net, dien amerikanischen Offize'er, dien am ve'erzengter Krich bei iech aquarte'ert war, an drop gehal huet fir Petter ze gin, we's du gedéft go'fs. (lacht) Ech ka mech nach gudd eren- neren... Ech hat demols ~~10~~ Joer, we's du gedéft go'fs. Wat wor dat e Kanddaf... d'ganz Ge'gend hat nach neischt eso' gesin... Ech hat eso' vill giess, ech konnt mech net me' mucksen... Den Offize'er huet alles

spende'ert... (erennert sech op émol un eppes) Ma en hat dach zu dengem Papp gesot, du kris e gudd Pettersteck, wann en erem an Amerika ke'm.. (lacht) hues de schon eppes gespuert dervun?

Kathleen: Nén.. o, die Mann wert dat vergiess hun.. en huet nach die iescht Joeren geschriw, ma we' meng elteren do'd waren hu mer neischt me' vun em he'eren.. dat héscht, ech hat em eng Ke'er fir Neijorsdag eng Kart gescheckt, we' ech meng iescht Sue verdengt hun.. et war dat iescht Joer, we' ech hei bei der Madame Tullias war..

Cathérine: An du hues keng Antwort kritt?

Kathleen: Nén, en huet ni geschriw; a well en net erem geschriw huet, hat ech och keng Loscht me' fir ze schreiwen, ech wollt net, dass e soll mengen, ech wellt en un sei Pettersteck erenieren.

Cathérine: (iergert sech) Ma do warst du awer e gro'ssen Effalt.. Ech hätt em awer keng Ro' geloss.. E Mann e Wuert, en hat et dach versprach.. an et hat jo kén e gefrot fir Petter ze gin, en huet sech dach selwer ugin.

Kathleen: Du wés gudd, we' et démols bei ons war. Mir waren so' arem we' Kirchemeis, du wollt de Mann alt e gudd Wierk machen.. Wie wés wat geschitt ass, dass en neischt me' vun sech he'ere geloss huet... En ass vleicht schon do'd a begruew.. an ech hu jo elo genuch fir ze liewen wat machen ech schliesslech matt engem Pettersteck...

Cathérine: Ma du domm Trotz do.. mir kenten dach gudd Soue gebrauchen.

Kathleen: (verwonnert) M i r ? We' wanns du e Recht drop häss.

Cathérine: Ma mir sin dach Kusinnen, an du wers dach eso' vill Familjegéscht hun fir matt mir ze délen wanns du eppes kris..

Kathleen: Ma du bass navell grad eppes artleches. Hues du dann matt mir gedélt, we' ech neischt hat.

(Vu baussen rifft d'Madame Tullias: Kathleen... an engems ass d'Kathleen set: Jo, Madame ech kommen, ass d'Madame Tullias schon an der Dir.)

Tullias: Kommt se'er Kathleen, de Bre'fdre'er ass do, an en huet en ageschriwene Bre'f fir iech...

Kathleen: (ganz verwonnert) Donnerlieweg, dien ieschte Bre'f an 20 Joer. Dass ech hei sin hun ech nach ké krit.. A.. wat sot der Madame.. e geschriwene wär et... oder e geriwenen...

Cathérine: (spöttesch fir sech) E geriwenen.. d'Kathleen huet d'Polver och net erfont. Elo muss ech oppassen, dass mer neischt entgét... em Stand de Bre'f kent aus Amerika.. wann é vun Wollef schwätzt.. ass e gewe'n-lech net weit..

(d'Madame Tullias an d'Kathleen kommen eran. D'Kathleen huet de Bre'f an der Hand an dre'nt en a ke'ert en a liest um Stempel:

Ri.. ri.. rio Grande City.. Texas..

- Cathérine: Hun ech net gesot.
- Kathleen: (fir sech) Muss dât ausgerechent haut heihinner kommen. Heit Madame, let en ewech, ech machen en derno op.. da kann ech en a Ro' liesen..
- Cathérine: Ma du wärs dach net.. en ageschriwene Bre'f mecht én direkt op, et ass vleingt eppes Wichtiges dran, wat direkt muss erledigt gin.
- Tullias: Jo, èr Kusine huet recht. Kuckt le'wer direkt wat et ass.
- Kathleen: (mecht de Bre'f op a récht der Madame en) Liest dir en Madame, ech sin zevill opgeregt.
- Tullias: (liest) Sehr geehrtes Fräulein. Da ich annehme, dass Sie kein Englisch verstehen, will ich Ihnen auf Deutsch mitteilen, dass Herr David Kelvison vor einigen Tagen gestorben ist, im Alter von 85 Jahren und in seinem Testament Fräulein Kathleen Karthusa, geboren am 22. November 1918, in Duddershausen im Grossherzogtum Luxemburg, zum alleinigen Erben seines Vermögens erklärt hat.
- Cathérine: (schle't d'Hänn um Kapp zesummen) 'T'ass fir en Har op d'Stir ze kre'en.
- Kathleen: (le'st sech op e Stull fâlen) Mei Gott, a wât get dât?
- Cathérine: (ongedellig) Liest virun, Madame, we'vill kre'e mer?
- Kathleen: Hues de net he'eren, dass ech alleinigen Erben sin?
- Cathérine: Dat wär jo fir ze lâchen. Wann et vill ass, get gedélt.
- Tullias: (iergerlech) O nén, dir hutt ké Recht op d'Ierwschaft.
- Cathérine: (behapt sech) Ma ech sin dach seng Kusinne, an ech héschen och Cathérine Karthusa, wie wés dann iwerhapt op et fir hatt ass.
- Tullias: Et ass ganz deitlech hei op Kathleen geschriw (si sprecht) Kathleen ganz deitlech eur) an net op Cathérine.
- Cathérine: (wegwerfend) Dat ass eben op englesch Cathérine, dass iwregens lächerlech dass hatt Kathleen héscht.
- Kathleen: Mei Petter heut dexels drop gehal, dass ech emmer Kathleen sollt geruff gin an net anescht. An iwregens, du bass jo net zu Duddershausen op d'Welt kom.
- Cathérine: Wie beweist dat dann.. d'Amerikaner kommen net hier kucken op én zu Duddershausen oder zu Knuppendingen op d'Welt kom ass.

- Tullias: (be's) Ma dir sitt mer eng gelunge Perso'n. Dât ass dach alles ganz gené opgeschriw op der Gemeng, do kent dir neischt machen.
- Kathleen: An iwerhapt du hues jo guer neischt dermatt ze din. Liest viru Madame.. ech gesin do ass nach vill geschriw;
- Tullias: (liest virun) Unter der Bedingung, dass dieselbe nach Amerika kommt...
- Cathérine: (ennerbrecht) Donnerlieweg, duer wär ech nach emmer gâr gang. Wien hätt geduecht, dass ech nach zu mengen ålen Do an Amerika ke'm.
- Kathleen: (be's) Ma 't'ass jo net fir dech... du brauchts jo net matzgoen.
- Cathérine: (wichtig) A wât ass, du muss dach net so' domm sin. Wann dir eppes ennerwé geng gesche'en, an ech ble'w um Liewen.. da sin ech d'Kathleen Karthusa. E kret neischt geschenkt.
- Tullias: Ma da losst mech dach viru liesen, et ass awer schrecklech én emmer z'ennerbriechen.. Also, dass dieselbe nach Amerika kommt... und zwar innerhalb von 3 Wochen, da sonst die Erbschaft an Mister Steelen fällt, der seit 5 Jahren Verwalter bei Mister Kelvison ist.
- Cathérine: Da musse mer eis fleissen, soss stecht dien alles an.
- Kathleen: (ganz decourage'ert) Ech... an an Amerika fueren...nén.. ech mengen ech lossen de Butek sin...
- Cathérine: Ma bass du gedéft.. Mir komme schon an Amerika.
- Kathleen: An drei Wochen... mam Scheff get et ze spe't.
- Cathérine: Net drun ze denken, mir fuere mam Flieger.
- Tullias: Ma dir braucht dach net mattzefueren.. sitt dach emol ro'eg.
- Kathleen: Mam Flieger kann ech net fueren.. dat gét mir fir all Sou dien ech op d'Seit gesat hun..
- Cathérine: Ma mir ierwen dach e ganzt Verme'gen.. da kann é sech secher eng Rés mam Flieger léschten. Et get mam Flieger gefuer a ferdeg.
- Kathleen: Ech mengen ech bleiwen hei...
- Cathérine: Da fueren ech eleng.. Ech wärt d'Sach schon an d'Rei kre'en. Fir d'Rés gin ech Soue le'nen, herno kann ech se jo dann erem gin.
- Kathleen: Ma hal dach mol op, du brauchts jo guer net mattzgoen.
- Cathérine: Mengs de dann ech kent dech eleng so' an d'Friemt fuere lossen. Ech hun denger Mamm dach um Do'dsbett versprach op dech uecht ze gin. Ech wés et nach gudd.. du has

demols 5 Joer an ech 15.

Kathleen: (verächtlech) A wann ech bedenken we's de dât Versprieche gehâl hues...

Cathérine: Wat eng.. du hues dech jo einfach net kommande'ere geloss.

Kathleen: (iergerlech) An ech lossen mech och elo nach net kommande'eren. Du hues matt der ganzer Affair neischt ze din.

Tullias: Dat ass ower wo'er.. dir huet glad neischt dermatt ze din. Kathleen losst mer keng Zeit verle'eren. Ech froen direkt an der Agence un, we'ni ass e Flieger fiert.

Kathleen: (ängschtlech) Mengt der da wirklech Madame.. ech soll *et* riske'eren?

Tullias: Ma ganz secher Kathleen. Dir musst dohinnerfueren. Do ass kén Zweifel.

Kathleen: Et ass mer awer so' bang. So' eng weit Rés...

Cathérine: Ech hun der jo gesot dass ech mattgin.

Tullias: Dir braucht guer net mattzegoen. D'Sach ass vill me' einfach we' der mengt. Meng Niece ass Stewardess, an de' fiert all puer Wochen an Amerika. Etget sech arrange'ert dass d'Kathleen mam selwechten Flieger fiert. Da brauch se neischt ze färten.

Kathleen: (fro') O Madame wann d'Joffer Georgette matt fiert, da färten ech net. Vleicht kann se en etlech Zeit dohanne bleiwen a mer hellefen d'Sach an d'Rei machen..

Cathérine: (zur Madame) Ass dât alles wat se schreiwen.

Tullias: Nén, mat dem Geschwätz hun ech well ganz vergiess fir de Bre'f ferdeg ze liesen. Hei stét, so'bal wann d'Kathleen zu Rio Grande City uke'm, misst et sech bei der Miss Denterwell, Schreiwesch vum Notaire Greenwood virstellen.

Cathérine: Wo' wunnt dien?

Tullias: We' wann dât iech eppes geng dengen, wann der dem seng Adresse wisst. Dir verhalt se dach net bis den Owend. Je hop Kathleen, loss mer lo keng Zeit verle'eren. Ech gin direkt op den Telephon a ruffe meng Niece un op et sech mache le'sst, dass der am selwechte Flieger dohinner fuert.

Kathleen: Da wär ech fro' Madame, wann der mengt ech soll et riske'eren.

Tullias: (an engems ass se ausgét) Ma secher Kathleen, firwat net.

Cathérine: (sobal se fort ass) Du bass ower eng domm Trotz. Le'wer gés de matt hondfrieme Leid we' matt denger égener Kusine Gef uecht, dât Georgette ass ent geriwent, dat kann Englesch we' neischt Gudds, an du wärs gesin, irs du dech

emsinn hues huet hatt d'Ierwschaft an der Täsch.

Kathleen: D'Georgette ass en e'erlecht Médchen.. an iwerhapt, kann jo soss kén d'Ierwschaft kre'en we' ech, wo' et so' deitlech hei geschriw stét.

Cathérine: (wichtig) Et ass schon allerhand virkom bei Ierwschaften et ass emmer besser wann é vun der Familgen derbei ass.

Kathleen: (lacht) E vun der Familjen.. de' mech net lachen...

Tullias: (an engems ass se erem era kent) Do hat mer Chance. E Mettwoch fiert meng Niece zo'felleg di selwecht Route. Si kuckt direkt fir ère Billet. Et sin de Moment net so' vill Leid di résen, sodass keng Schwieregkét ass fir ang Platz ze kre'en.

Kathleen: (verwonnert) Dese Mettwoch schon.. o mei dât gét awer se'er.

Tullias: Wat ieschter, wat le'wer et ass net fir ze trendelen, wann eso' eppes am Spill stét.

Kathleen: Et ass fir de Kapp ze verle'eren.

Cathérine: Ech hu jo gesot. Scheckt eso' eppes eleng an Amerika.. Ech kann dât net zo'lossen, ech muss matt em fueren, do ass keng aner Le'sung. Au revoir, ech muss mech begannen soss gét et mer net me' duer. (an engems ass et ausget) Dese Mettwoch.. Geld le'nen.. Billet bestellen.. Valise paken..

Tullias: (erfe'ert) Ma er Kusine wärt dach net am Escht gesot hun si ge'ng matt?...

Kathleen: A wann et sech misst op de Kapp setzen, dât gét matt, da wert der gesin.

Tullias: Hätt ech dann alt neischt gesot.

Kathleen: 'T'ass neischt Madame.. dât hätt ower eraus kritt we'ni ass ech geng fueren. Et gét jo nömme matt fir ze spione'eren, a wann et sei leschte Sou misst dra stiechen. (resselt de Kapp) Nén, ech mengen nach emmer ech hätt gedremt.. e Mettwoch an Amerika.. Ma da muss ech elo se'er apake goen..

(Si gin allenzwé aus)

2; Am Flieger.

Dât Zweschespill am Flieger muss ganz gudd ageübt gin, dass d'Bewegungen emmer mattenén gemach gin. Et stét dem Regisseur frei den Decors ze gestalten we' e welt fir e Flieger duerzustellen. Et genügt och, wann op der Bühn zwo' Reihe Still han-nerénén stin matt Rimmen drun, fir d'Leid unzustrecken an eng Tutt um Reck vun all Stull. E Gang an der Mett

vun de Still muss frei bleiwen, wo d'Georgette zirkule'ert.

Wann de Vorhang opgét setzt alles am Flieger an ass ugestreckt, D'Georgette an der Stewardess-Uniform zirkule'ert durch d'Mett. Kathleen an Cathérine setzen eso' dass se vum Publikum gudd gesin gin. Et he'ert én Gedeisch vun Motoren a wann d'Leid am Flieger schwätzen, dann zimlech hart.. Si machen alleguer Bewegungen, dass de Publikum geseit, dass de Flieger fiert. Et setzen en etlech Passage'er am Flieger.. d'Kathleen an d'Catherine schwätze mattenén.

Cathérine: (ganz hart zum Kathleen) Wât huet et gesot..?

Kathleen: Mir hätten schon eng Weil d'Mett vum Atlantischen Ozean passe'ert.

Cathérine: (helt d'Hand bei d'Oer) We'.. d'Mett vum romantischen Ozean.. Et ass alles mé net romantisch an der Kesch heit. Ech wellt mir wären erem um Buedem..

(An dem Moment machen s'alleguer eng Bewegung we' wann de Flieger e gudde Krack erof geng fâlen)Di zwé din e Krésch

Cathérine: (erfe'ert) Joffer Georgette.. Joffer Georgette... wât der Jomer war dât?

Georgette: (lacht) Weischt. Bero'egt iech, et war e Loftlach an der Atmosphär.

Cathérine: E Loftlach.. so' eppes huet en ower nach net gesin.. dass well och scho Lecher an der Loft sin. Wât s'ower erfannen fir én ze kujonne'eren.. De Pilot hätt jo kennen dem Loftlach ausweichen, a Platz einfach an dât Lach ze rennen.. Huu.. (di selwecht Bewegung) si din erem all Krésch..

Passage'er:(iergerlech) Silence... ne criez donc pas comme ça..

Cathérine: (ganz hart) Wât sét de'?

Georgette: Dir sollt net so' jeitzen, Joffer Cathérine.. dir macht d'Leid nervös.

Cathérine: (be's) Well sin ech es secher och nach an d'Schold, wann de Pilot an d'Lecher rennt.. wât eng domm.

Op emol get et e Schreckleche Krach an et bletzt. Di zwé wellen opsprangen a râppen un hire Rimmer.. si jeitzen.. A wât war dât? (alles schwengt no rechts, dann erem no lenks)

Georgette: (bleiwt ganz ro'eg) Ne quittez pas vos fauteuils...

Kathleen: (ganz opgeregt) Joffer Georgette wât war dât?

Georgette: Mir sin an e Wieder gerot.. regt iech net op.. De Pilot versicht em auszweichen.. mir kre'en dodurch zimlech Schwankungen..

Cathérine: Huppla.. do war erem eng.. dât ka jo sche' gin...

Kathleen: (ängschtlich) Wann et nemme net aschle't... Joffer wât ge'f dât, wann et an de Flieger geng schloen..?

Georgette: Et ass nach keng Gefor.. (an dem Moment bletzt et erem an et kracht. Di zwé jeitzen a schwenken vun enger Seit op di aner.

Cathérine: (so' bal et ophelt matt Krachen) An dat nennt dir keng Gefor.. A wat get dat..

Georgette: Regt iech net op, mir sin net me' weit vun der Küst... wann et me' uerg get, musse mer eng Notlandung machen.

Kathleen: A war mer net me' bis un d'Küst kommen..?

Georgette: Da musse mer op d'Se' goen.. *oder an Notfall mat Fallschirmen erof goen.*

Cathérine: (zum Kathleen) Geseis de eis zwé net un engem Prabli iwert dem romantischen Ozean baumelen?

Kathleen: Dat wär nach neischt, awer geseis de eis net am Ozean erdrenken.

Cathérine: Ja.. hätte mer alt schwamme gele'ert..

Kathleen: Wie wosst dann och dass mer nach eng Ke'er an den Ozean gengen trelen..

Cathérine: Ma mer leie jo nach net dran.. (iwerdem bletzt a kracht et an engem Steck. Wann et donnert din se kréch, an am ganzen Durchernén brellt Catherine: E Gleck dass ech ugestreckt sin et fe'l en tenescht an tiweecht...

Kathleen: Mir si verluer... Wâr ech erem dohém.

Cathérine: An ech Dabo.. wann ech so' eppes gewosst hätt..

Kathleen: Ech gin denen Armen d'Halchecht vun menger Ierwschaft.. wann ech liweg ukommen...

An dem Moment get et e gewaltege Krachert. D'Passage'er gin zimlech brüsk vun enger Seit op di aner geworf

Cathérine: Well huet et ageschlo... mir si verluer..

Georgette: Attention.. attention.. ne quittez pas vos fauteuils.

Cathérine: Wât sét et?

Kathleen: Ech wés et net.. mir si verluer..

Georgette: Sitt ro'eg. De Pilot versicht ze landen.; et ass onme'glech dem Wieder auszeweichen.. Gitt uecht.. mir kre'en elo nach zimlech Schwankungen... (geseit én we' d'Passage'er vun enger Seit op di aner schwenken) Aus der Pilotekabinne he'ert en de Lautsprecher.. S.O.S...S.O.S.. Avion 4763.. F.G.A.. ATLANTIK.. 6 5 4 7 8.. en difficulté demande d'urgence.. atterissage..S.O.S... Avion..4763.

(an dem Moment get et erem e Krachert, an de Lautsprecher ass plotzlech ro'eg...)

Georgette: (left bis bei d'Pilotekabine... (lauschtert a kent erem) De Funkapararat fonktione'ert net me'... onme'glech fir de Flughafen z'erreichen... mir müssen eng Notlandung machen.. Attention... attention... ne quittez pas vos fauteuils.. Attention... (si machen alleguer eng Bewegung no fir an enner Bletzen a Krachen gét de Vorhang zo'...)

Wann des Zweschenzeen net ausgezechent gespilt get, dass d'Publikum wirkleech mattget, ass et besser si bleiwt ganz ewech an d'Spill gét direkt am 2. Akt virun;

2. Akt. Am Bureau vun der Miss Denterwell.

Kathleen an d'Cathérine setzen do ze warden.

Cathérine: Mane'eren hun se hei och keng, én elo schon eso' lang warden ze lossen.

Kathleen: Si hate secher net geduecht, dass mer so' se'er hei iwer wäeren.

Cathérine: Dass mer iwerhaupt lieweg gelandt sin.. d'Hoer sti mir nach zu Bierg; wann ech un dat Wieder denken..

Kathleen: Schwätz net me' dervun.. et war zevill ellen.. ech hu secher gemengt et wär meng lescht Stonn.. De' Piloten kennen awer eppes.. fir do eso' gescheckerlech ze landen.. o'ni dass engem eppes geschitt ass .. et ass e -Wonner...

Cathérine: (ennerbrecht) Sief ro'eg, dohanne kent én. Et ge'f och elo bal Zeit... (lust aus) Et ass e Framönsch..

Kathleen: Et wärt d'Miss Denterwell sin, dat ass dem Notair seng Schreiwesch.

Iwerdem kennt d'Miss Denterwell eran, get op di zwe' zo' get en d'Hand a setz Morning together.. (da get se bei hiere Bureau a sicht an hère Papeieren.

Cathérine: (hart zum Kathleen) De' schwätzt jo letzeburgesch..

Kathleen: Wat huet se da gesot?

Cathérine: Muergen; do sett der....

Denterwell: (frendlech) Do you speak english?

Kathleen: (zum Cathérine) Wat set se.

Cathérine: Wat soll ech wessen..

Sie machen allenzwé domm Gesichter.

Denterwell: Da nik versteh english, ik versuch spreken dütsch.

Cathérine: (lacht) An eso' eppes ass Schreiwesch bei engem Notair mir hätten mol sollen so' en Deitsch an der Primair- scho'l schwätzen; mir wäre racksdag setze bliff..

Denterwell: Ik froh dass gekommen sie sind so schnell.. Wi gleik beginn.. Testament is english, ik versuch übersetz..

Cathérine: Dât do kann heiter gin.. Hätte mir d'Georgette hei...

Kathleen: Ma et hat dach gesot et ke'm direkt heihinner...

Denterwell: (fiert virun) Miss Kathleen Karthusa..

Sie sprangen mattenén op a soen allenzwé: hei.

Kathleen: Ma bleiff du dach setzen... Si huet dech jo net geruff

Cathérine: Si huet Cathérine Karthusa geruff..

Kathleen: (be's) Si huet Kathleen gesot.

Cathérine: Kathleen oder Cathérine 't'ass zelvecht.

Kathleen: Kathleen huet se gesot...

Cathérine: (frech) Cathérine huet se gesot.

Kathleen: (get emmer me' be's) Lo he'ert ower alles op.. (hat get op d'Catherine lass)

Cathérine: (verächtlech) Fengst de well och nach un frech ze gin..

Kathleen: Ma du bass onverschimt... (si huelen sech matt den Hoer)

Denterwell: ass erfe'ert, sprengt op fir se vun enaner ze huelen a brellt) Who is Kathleen.. Who is Kathleen.. (richteg aussprieche)

Cathérine: (lacht) Firwat set se emmer Hu virdrun? Ganz bestemmt huet se sech dât ugewinnt, well se hei an dene gro'sse Prairien emmer Huhu musse ruffen fir sech erem ze fan- nen...

Denterwell: (be's) Ik frak... Wer is Kathleen Karthusa?

Kathleen a Cathérine mattenén: Ech...

Kathleen: Nén ech.. du verlurend Steck.. Joffer gläwt mer es dach.. ech sin d'Kathleen Karthusa..

Denterwell: (wés sech bäl net me' ze hellefen kritt dann plötzlich eng Idee: Passeport/. bitte..

Kathleen: (fro') D'ass eng gudd Idee.. um Pass stet et richtig..

Cathérine: (wiert sech) Joffer um Pass stin ech als Cathérine age- dro, ma dat ass op englesch Kathleen.

- Denterwell: Nik verste...
- Cathérine: Richtig si ka jo deitsch.. Miss.. auf mein Pass steht Cathérine, das ist Kathleen auf englisch..
- Denterwell: Still... Ik will sehen... (si kuckt d'Päss) Hier is Kathleen, geboren in Duddershusen.. stimmt mit Testament.. (zum Cathérine) sie nicht richtig...
- Cathérine: (empört) Wat eng gemeng Perso'n.. gét de' soen ech wär net richtig... Ma dèr wärt ech eppes soen... Wart...
- Kathleen: Ma sief dach verstänneg.. du geseis jo dass deng Ligger net ze'en.. du häss ro'eg sollen dohém bleiwen...
- Cathérine: Fir dass se dech iwer d'O'eren haen.. ech muss dach kucken dass alles richtig verläft.. Di do wär net ze sche'n fir alles an d'Täsch ze stiechen...
- Denterwell: (iergerlech) Ruh bitte Ik les weiter... Also Miss Kathleen Karthūsa, geboren in Duddershusen.. ist allein Erben von Vermögen von Mister Kelvison, Farmer und Besitzer von Cotonplantagen..
- Cathérine: (hart zum Kathleen) Hues de he'eren Kottengsplantagen.. Dât ass de Kotteng, de' brengen eis eppes an ...
- Kathleen: Hues de net he'eren, dass ech allein Erben sin..
- Cathérine: Dât ass so' eng Formul, mir gi schon éns..
- Denterwell: Ruh bitte.. Das Vermögen besteht aus...
- Cathérine: Gef lo uecht, dass mer neischt verpassen..
- Kathleen: Du hues jo neischt dermatt ze din.
- Cathérine: Ma navell grad.. lo denken ech drun, wann ech och neischt ierwen, da misst du mer ower d'Halchecht gin.. du hues mer et versprach..
- Kathleen: (verwonnert) Wât hun ech versprach?
- Cathérine: Ma wés de dann net me' dass du am Flieger, we' dât ueregt Wieder war gesot hues du ge'fs mir d'Halchecht gin wanns de lieweg hei uke'ms...
- Kathleen: (entrüst) Wât.. lo he'ert ower alles op... Ech hun neischt eso' gesot..
- Denterwell: (schle't op den Desch) Ruhe bitte.. Das Vermögen besteht
- Cathérine: (fiert rîcht virun we' wann se neischt geng soen) Wât Médchen, wann d'Goergette kent, dât ass Zeien....
- Kathleen: emmer me' be's) Du niddelträchtigt Framönsch.
- Cathérine: Du bass e verluerend Deppen... du hueset gesot..
- Kathleen: Ech hu gesot denen Armen ge'f ech d'Halchecht ..

Cathérine: (trumphe'ert) Do hu mer et jo... denen Armen.. Wien
ass me' arem we' ech,

Denterwell: (brellt) Still... das Vermögen besteht aus..

Cathérine: (ennerbrecht) Ma secher.. et ass mol ké me' arem we'
ech. De leschte Su hun ech gin fir matt der ze kommen
aus Gutthét.. aus pur Gutthét..

Denterwell: (liest virun a brellt zimlech hart fir d'Cathérine
z'iwerte'nen: Tree tausend oxen!..

Cathérine: (sprengt op) We' onverschimt..

Kathleen: Wât huet se gesot?

Cathérine: (entrüst) Dir jauseg Ochsen..

Kathleen: Onerhe'ert.. Mir wäre jauseg Ochsen.. huet se gesot.

Cathérine: Joffer, mir kommen awer net heihin fir Frechhéten gemach
ze kre'en.

Denterwell: (verwonnert) Was sie saken.. nik versteh.

Cathérine: Mach dech net so' domm, du wés ganz gudd dass de gesot hues
mir wäre jauseg Ochsen... Komm Kathleen, mir gin eiser
Wé.

(An dém Moment kent d'Georgette eran a set ganz ver-
wonnert): A wât der Jomer ass hei lass?

Denterwell: (fro') O Miss Georgette, I'm happy that you are coming.

Cathérine: (ennerbrecht) Sie huet eis vernannt.

Georgette: Et ass dach net me'glech.

Kathleen: Dach, si huet gesot mir wäre jauseg Ochsen.

Georgette: (muss d'Lache verbeissen) Dann hutt der iech secher
damno opgefe'ert.

Kathleen: (schumt sech) Jo, mir hun eis zerstritt.

Cathérine: (verächtlech) Dabo, dat war dâch guer ké Streit.. loss
mer viru fueren d'Testament ze lesen..

Denterwell: Ja Testament... Hab gelesen.. Vermögen besteht aus
tree tausend oxen..

Georgette: (lacht) Dir Efalten.. dir hutt jo alles falsch verstan.
D'Verme'gen bestét aus drei dausend Oxen..

(D'Kathleen an d'Cathérine lachen sech eweg a lossen
sech op, de Stull fâlen schloen d'Häan um Kapp zesummen
an soen ént em d'anert..) : drei dausend Oxen..

Cathérine: Wo' soll och e Mönsh un Oxen kommen, wann é matt Soue
gerechent huet.

- Kathleen: A we' kre'en ech di 3000 Oxen matt hém?
- Cathérine: Ma du bass net me' weis.. Mir schloen se hei zu Geld 1500 Oxen, dât get e gudde Batz.
- Georgette: 3000 Oxen, keng 1500
- Cathérine: Dât ass meng Dél, wann d'Kathleen mer d'Halchecht get.
- Denterwell: (ongedellig) Still... Miss Georgette, translate please.
- Georgette: (hellit d'Testament) Also d'Verme'gen bestét aus 3000 Oxen, de' op enger Platz vun 50 Hektar gin.. De' 50 Hektar Land falen och an de Besetz vun Kathleen Karthusa.
- Cathérine: Donnerlieweg, 50 Hektar.. wât verkâfen se hei den Hektar? Dât get eng Zomm...
- Georgette: Sitt dach mol ro'eg Joffer Cathérine.. mir komme jo net virun.. Dobei kommen 30 Hektar Cotengsplantagen de' a guddem Zo'stand sin.
- Cathérine: Do hât ech ower mei Lieweg net geduecht nach eng Ke'er so reich ze gin.
- Kathleen: Ma sief dach mol eng Ke'er ro'eg.. du kres jo neischt dervun..
- Cathérine: A wât mechs du dann matt all déne Souen?
- Georgette: Ma da lost mech dach liesen... D'Gebeilechkéten, dât héscht d'Farm an Wunnengen vun den Arbechter an d'Feldscheieren fâlen och an de Besetz vun Kathleen.
- Cathérine: O de' Baraken kennen s'alt hâlen.. de' si ké Sou wert..
- Georgette: (fiert virun) Dât alles kret d'Kathleen Karthusa, enner dèr Bedingung, dass et sech hei opschle't an dât ganzt vun Mister Steelen verwalte le'sst, dien seit 5 Joer am Dengscht vun Mister Kelvison stong, an och d'Opsicht iwer d'Personal huet.
- Kathleen: (ganz déprime'ert) Merja Gnoden.. mech hei opschloen.. ech bleiwen net hei...
- Cathérine: Keng Ried dervun.. mir verkâfen de Butek a ferdeg..
- Georgette: (liest virun) Et duerf neischt verkaft gin.. Helt d'Miss Kathleen de' Bedingung net un.. fällt alles un de Verwalter..
- Cathérine: (be's) Wât en Trick... ech hu jo emmer gesot et ass en net ze trauen.
- Kathleen: (verdressed) Ech kann et net unhuelen..
- Denterwell a Georgette schwätze lues zesammen an engems ass d'Cathérine sech mam Kathleen ennerhelt.
- Cathérine: Ma häss de da gär, dass dié Verwalter alles an d'Täsch

stecht? Op ké Fall, mir bleiwen hei.

Kathleen: Et ass jo guer net Rieds vun dir..

Cathérine: (reselt de Kapp) Ech kann dech dach net eleng hei los-
sen... zu zwé kre'e mer d'Sach schon an d'Rei.. du bass
jo net emstand eleng so' e gro'sse Betrieb ze fe'eren..

Kathleen: Ma duerfir verzichten ech le'wer op dié ganze Dutsch.

Georgette: Sitt verstänneg Joffer Kathleen, huet lo net Hals
iwer Kapp eng Decisio'n (liest virun) iwrigens stét
jo hei: Miss Kathleen huet 2 Dég Zeit fir sech ze
bedenken.. op si de' Conditio'nen erfelle kann...
Ass zwe'n Dég no der Bekanntgab vum Testament dem
Kathleen seng Ennerschreft net beim Notair dépose'ert,
fällt we' gesot alles un de Verwalter, an d'Kathleen
Karthusa kann ni me' Usprech op d'Verme'gen vum Mister
Kelvison erhiewen.

Kathleen: (reselt de Kapp) Firwât nach 2 Dég warden, wo' ech elo
scho gesin, dass et neischt get.. Sot zur Joffer do,
ech ge'ng et net unhuelen.

Cathérine: (stramm) Dann huelen ech et un..

Georgette: (be's) Ma dat ass jo ganz ausgeschloss.

Cathérine: Lächerlech, wie wés dann hei op ech d'Kathleen oder
Cathérine sin.

Kathleen: Well huelen ech et grad un.. Kommt mir gin direct bei
de Notair..

Georgette: Dir hutt jo 2 Dég Zeit fir iech ze bedenken. Ech geng
propose'eren iech mol fir t'e'scht alles unzekucken.
(zur Miss Denterwell) Miss Denterwell, can we have a
guide, we want to see the farm of Mister Kelvison;

Denterwell: O yes.. Mister Steelen is here.. (riffte aus) Mister
Steelen.. Mister Steelen.

Steelen: (kent eran a set frendlech..) Yes Miss Denterwell..
What is the matter..

Hien ass am Cow-boy Kostum a we' en era kent sprangen
di zwé erfe'ert op an d'Cathérine jeitzt ganz hârt:
E liewege Cow-Boy.. (hatt sprecht Koffboi aus)

Kathleen: (ausser sech) Wahrhafteg, e richtege Koffboi, we' se
s'am Film hun.. an ech soll eso' eppes hei dirige'eren
nén.. op ké Fall.. Joffer Georgette, sot ech geng et
net unhuelen..

Georgette: (lacht) Ma Joffer Kathleen, losst mer fir t'e'scht alles
kucke goen.. di ganz Affair ass net so' well.

Denterwell: (frendlech) Come on, Mister Steelen, will take you,
to Mister Kelvison's farm.

Si gin alleguer aus, hannendrun d'Kathleen wât sech de Schwés vun der Stir wescht an an engems set: Daje alt, wann s'et net anescht wellen...

3. Akt : An de Plantagen: et kann och eng Platz matt Kaktussen a Palmen sin, wo' d'Kathleen an d'Cathérine raschte kommen. Si hu gro'ss Stre'hitt, si brong vun der Sonn verbrannt an ze'en lang Kotengssäck we' se s'am Texas hun fir de Koteng ze plecken, hannerun sech. Et kennen och lang Kappzichen sin. Am beschten ass et wann se net grad bis zur Hallchecht gefellt sin..

Cathérine: (fällt bâl emm vu Middegkét) Ech soen der et jo... ech sin erledigt, racksdeg erledigt.. ech kann net me'.. utsch mei Reck.. (hatt le'sst sech op de Buedem nidder)

Kathleen: Fengst de well schon un ze streiken.. Du hues mer awer feierlech deng Ennerschreft gin, hei ze schaffen, fir d'Hallchecht vum Benefice um Enn vum Joer ze kre'en. De Kotteng muss gepleckt gin. Wa mer an e puer Deg net ferdeg sin, ass di ganz Recolt zum Deiwel.

Cathérine: Wât leit mir drun.. ech sin erschoss.. e ganzen Dag gebeckt durch di Kotengsplantagen ze goen, .. ech kann net me'..

Kathleen: Dat bescht wâr gewiescht, mir hätten de Verwalter matt dem ganze Betrieb gewârde geloss, .. aplatz dass du e fortgescheckt hues...

Cathérine: (iergerlech) Mir brauchen och nach en Obsîchter.. De' Souen sin förmlech an den Dreck geheit... Ech ka grad so' gudd Opsichter spillen.

Kathleen: (spöttesch) Du hues jo probe'ert.. Du geseis jo awer, dass s'alleguer der Rei no ugedreckt sin.

Cathérine: E Gleck dass de' fort sin.. et waren elauter Koffboien.. én we' dien aner.. et huet kén eppes gedácht.. sief nemme fro' dass ech se fortkommando'ert hun.. du wârs hirer jo net lass gin..

Kathleen: Et ass ower neischt gewonn derbei.. mir müssen oni Fél aner astellen, a fir t'iescht erem Ranger..

Cathérine: (verächtlech) De' brauche mer ower am allermannsten, fir do e ganzen Dag um Pèrd ronderem di Herd Oxen ze rennén dat brengt ower nun all Efalt fèrdeg.

Kathleen: (lacht) Geseis de dech net do ronderemmer reiden, du muss jo lache.. an dann, ech froe mech wien eis die seleche Kotteng pleckt.. mir müssen o'ni Fél erem Arbechter astellen..

Cathérine: Jo, ech gesin lo selver, dass mer et net packen.. ech hätt ni gemengt dass dát Kottengsplecken so' vill Arbecht wâr.

Kathleen: Dat bescht wâr, wa mer de Verwalter erem goncen astellen

Cathérine: (be's) Bass du domm, da machen ech ower ké Schlag me'.

Kathleen: Ma du mechs jo ower neischt..

Cathérine: (emmer me' rosen) Wât.. machen ech?.. du ondankbart Stéck. De Reck kre'en ech nèt me' rícht vum Schaffen.. emmer schaffen, emmer schaffen, an da kret é gesot et geng é neischt machen.. Wârt Médchen, so dât nach eng Ke'er.. dass ech neischt geng machen..

Kathleen: (behapt sech) Et ass richtigeg.. guer neischt mechs de.. glad neischt we' kommande'eren.. a mer meng Dengerschaft rebellesch machen..

Cathérine: Gés de och elo nach soen ech hätt se fortgejot.. lo he'ert ower alles op..

Kathleen: Ech wisst gär wien se soss fortgejot hätt..

Cathérine: (entrüst) Wârt, dât do bezuels de mer..(hatt sprengt op a schle't mam Kottengssack op d'Kathleen. D'Kathleen erwescht och sei Kottengssack a schle't op d'Cathérine Während se brellen, du frecht Steck.. du ondankbart Steck a sech zerschloen, kennt eng ganz Retsch Cow-Boys eran halen sech de Bauch un vu Lachen a jeitzen:

Hallo... o funny.... funny....

Di zwé erfe'eren, halen op matt sech ze zerschloen an d'Cathérine brellt:

Kuckt dass der fortkommt.. freche Pack

Cow-Boys: (machen domm Gesichter a froen) Please,... not understand..

Cathérine: Fort soen ech.. (zum Kathleen) et wär besser gewiescht mir hätten englesch gele'ert aplatz Kotteng ze plecken.

Kathleen: Hätte mir d'Miss Denterwell hei..

E Cow-boy: Miss Denterwell.. o I know Miss Denterwell.. Do you want to see Miss Denterwell?

Kathleen: Wât sét en?

Cathérine: So' vill we' ech verstin frét en op mer d'Miss Denterwell genge kennen (zum Cow-Boy) Yes, Miss Denterwell..

Cow-Boy: I go and see.. (si lafen alleguer fort)

Cathérine: Do hu mer eis jo erem sche'n hei blame'ert.. lo werten de' der Denterwells dât zielen..

Kathleen: So' vill we' ech verstan hun, gin se se ruffen.

Cathérine: Ma elo brauch se jo net me' hei.. lo wo' mer hirer lass sin

Kathleen: Ech muss matt hir schwätzen, ech hun eng Idee...

Cathérine: (spöttesch) Dât wârt mer eppes Gescheites sin..

Kathleen: (iwerdém wo' d'Miss Denterwell era kent) O Miss Denterwell ich bin froh, dass sie kommen.. ich muss mit ihnen sprechen.

Denterwell: (frendlech) Well.. sie mit mir spreken...

Kathleen: Wir müssen Arbeiter einstellen, können sie uns helfen?..

Denterwell: Yes.. I kan helfen.. aber Arbeiter nik kommen, wenn kommandiert diese Person.. (sie weist op d'Cathérine)

Cathérine: (be's) We' affronte'ert.. Well ass di ganz Sippschaft scho ge'nt mech opgesteppelt...

Kathleen: Ma du bass es jo selver an d'Schold.

Cathérine: Mengst de dann, wanns du gengs kommande'eren si ke'men erem.

Kathleen: Ma ech well guer net kommande'eren.. ech stellen de Verwalter erem an.

Cathérine: Op ké Fall.. so' lang we' ech hei sin..

Kathleen: Hei sin ech méschter.. ech hun dir elo lang genug nogelauschtert... (zur Miss Denterwell) Ich möchte den Verwalter wieder einstellen..

Denterwell: (fro') O yes.. dann Arbeiter wieder kommen.. Ik frak. (si riff) Hallo Boys... come on.. (iwerdem wo' d'Cow-boys erakommen frét se) Do you want to work again with Mister Steelen?

Cow-Boys: (sprangen we' well ronderemmer a jeitzen an engems) O yes... o yes...

Cathérine: (ganz entrüst) Wat eng verreckt Natio'n.. ech gi menger Wé a ferdeg... matt so' eppes kann ech net gedeien.. (zur Miss Denterwell) Ich bleibe nicht mehr hier..

Denterwell: Seer gud.. Allright... Dann alles in order.

Cathérine: (zum Kathleen) An du.. wat sés du derzo', wann ech menger Wé gin...

Kathleen: Dass de mol endlech ageseis, dass de neischt matt der ganzer Affair ze din hues...

Cathérine: Ma ech well guer neischt me' dermatt ze din hun.. et ass elauter Butek a Pak.. gef mer meng Souen; de' ech zegutt hun, dass ech mech hei bal futti geschafft hun... an da fueren ech mam ieschte Flieger erem hém.. Addi.. ech gin apacken. (an engems ass et ausgét) Kanns de kucken dass de eleng éns ges matt dengem Kotteng a matt dengem Oxen...

Denterwell: Does she goes away?

Kathleen: Wât gelifft?

Denterwell: O yes sie nik versteh englisch.. Ik frak ob sie fort-
geht..

Kathleen: Ja, sie geht.

Denterwell: Dann alles okay.. (an engans kent de Mister Stellen eran)

Steelen: Hallo Miss Denterwell did you call me?

Denterwell: Yes.. do you want to work again for Miss Karthusa.. the
other person goes away.

Steelen: O yes... (get dem Kathleen d'Hand) We'll work together.

Kathleen: Wât sët en? A jo sie verstët ké letzeburgesch.. Was hat
er gesagt?

Denterwell: Er will mit Ihnen zusammen arbeiten..

Kathleen: (ganz spontan) Okay (fir sech) Flang do hätt ech dât
iescht Wuert englesch eraus..

Steelen/ Come on boys... a danse for Miss Karthusa.. and then
we beginn to work..

D'Cow-boys kommen eran a fe'eren en Danz op, t'iescht
all énzal matt vill Gegesticule'ers dann kann et eng
Valse sin, wo' de Mister Steelen mam Kathleen, enner
den Beifall vun dénen aneren danzt.

Service du théâtre
Action Catholique Féminine
3, Place du théâtre, Luxembourg
